



de Lac de la Moselotte




Bei wonnerschéinem Hierschtwieder haten 12 Membere vum Flyfishing Club aus Letzebuerg sech op de Wee gemaach fir an de Vogesen zu Saulxures mat der Méck ze fëschen. Mir haten eis dobäi ewéi ëmmer op der Base de Loisir Chalet gelount wou mir fir de Weekend dee mir ageplangt haten ënnerbruecht waren. Hei musse mir dann och direkt eng Klammer opmaachen ewell sech dach op der Base de Loisir esou Munches geännert huet, ugefaange beim reservéiere wou et déi lescht Zäit dach meeschtens schif geet ewell ëmmer neit Personal do ass bis bei d'Chalet wou et och ee bëssen um Ënnerhalt feelt wat fréier eng vun de Stäerke vun dësem Site war ewell dauernd Chalet verbessert gi sinn, mee bon





Woubäi mir beim fësche wären, genee ewéi et schonn zanter enger Zäit ass goufen och des Kéier net esou vill gefaangen ewéi an der Vergaangenheet awer et ware lauter schéi Forellen déi gefaange goufen an déi eng oder aner Kapital war och dobäi esou huet ee vun eise Fëscher direkt ee mol eng vun den déckste Forellen aus dem Séi gefaangen déi op 5 kg geschätzt ginn ass, mee all eis Fëscher konnte schéi Fësch fänken a waren deementspriechend och gutt gelaunt.



Ee flotte Geste war och dass de Marc eis agelueden hat fir ze grillen, hien hat sech richtig Méi gi fir eis ze verwinnen an et sollt eis un Näischt feelen. Kéis an Zoossiss a Varianten als Appéro an duerno Mettwurschten an Grillwurscht a Wien eis kennt dee weess dass mir eis net laang fléiwe gelooss hunn an esou konnte mir du ganz Gemitterlech an eise Fescherweekend starten. Genee esou gemitterlech sollt et och weider goe wou mat Sécherheet och dat wonnerschéint Hierschtwieder dozou bäigedroen huet. Zäitweis iwwer 20° Grad hunn eis de Summer nach eng Kéier spiere gelooss an dat hunn eis Fëscher och richtig genoss. Eng Saach déi mir perséinlech awer och guer net gefall huet ass dat ewell Neierdéngs och kann hannert der Bréck an der sougenannte Reserve gefescht ginn, zwar dierf een do nëmmen mat der dresche Méck an den Nymphen fësche mee ech mengen awer dass dat net néideg war fir do d'Fëschen ze erlaben ewell dat déi eenzeg Plaz war wou d'Fësch sech konnte verstoppen an de Séi jo awer mat Sécherheet grouss genuch ass an alle Fëscher genuch Plaz bitt.





Jee och wann net Alles Gold war wat glänzt esou hu mir eis awer net eis Sortie verdierwe gelooss, Schued war och dass de Fränz Krankheets bedéngt net konnt dobäi sinn, mir wënschen Him dann och nach op dësem Wee eng gutt Besserung a menge mir hätten Hien zwar vermesst mee duerfir huet Jidderee vun eis beim Grillen ee Stéck fir de Fränz mat giess an hunn Hien esou mat duerch geholl. Et ass awer ëmmer derwäert an d'Vogesen ze fueren zemools wann den Hierscht et esou gutt mat engem mengt, d'Vogesen hunn awer och de Begleet Persoune vill ze bidden ass et dach eng wonnerschéi Géigend wou een ee bëssen Zäit an de Bierger verbrénge kann an dat net mol dräi Stonne vu Lëtzebuerg ewech. Elo loosse mir eis Feschersaison an de belschen Ardennen an zu Sommedieue beim Bruno auskléngen, zwou vun eisen traditionellen Dagesausflich déi an der Vergaangenheet ëmmer gutt besicht waren. Hoffentlech kréie mir zu la Strange och nach ee bëssen Hierschtstëmmung gebueden obschonns do éischer November Rain ugesot ass mee och dat konnt an der Vergaangenheet eis Fëscher net zrëck hale wa Sie sech wollte mam Jambonneau miessen. Dann ewéi all déi leschte Joren nach eng Kéier Sommedieue am Dezember, do hu mir och schonn Alles vu Wieder erlieft vu Summergefiller bis batter Keelt, Lo bleift mir nëmmen nach ze hoffen dass eis Fëscher sech zuelräich afanne wäerten an da sinn ech sécher dass och den Ofschloss gelénge wäert.

